adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Ëmweltminster weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°3210 vum Deputéierte Guy Arendt heescht et, datt d'Madamm Ëmweltminister d'Dreifjuegd als Fräizäitaktivitéit klasséiert, obwuel am Gesetz vun 2011 d'Juegd als gemengnëtzeg Aktivitéit («intérêt général») bezeechent gëtt, déi an deem Sënn vu Benevolle gemaach gëtt. Eist Land kann sech a ville gesellschaftleche Beräicher op déi vill Benevolle verloossen, déi am Déngscht vun der Allgemengheet eng wichteg Aarbecht maachen. An deem Kontext sief ë.a. un déi vill Benevolle bei der Caritas a beim roude Kräiz erënnert an un d'Organisatiounen, déi am Beräich vum *Streetwork* schaffen a grad an de Wanterméint dofir suergen, datt Leit, déi op der Strooss liewen, mam Néidegste versuergt sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Klasséiert d'Regierung gemengnëtzeg Aarbecht vu Benevollen als Fräizäitaktivitéit an? Wa jo, mat wéi enger Begrënnung?
2. Goufe bis elo schonns Organisatiounen, respektiv, Veräiner, déi am gemengnëtzege Benevolat schaffen, um Ausübe vun hirer Aarbecht gehënnert, doduerch, datt hiren Engagement als Fräizäitaktivitéit klasséiert gouf? Wa jo, ëm wéi eng Organisatiounen handelt et sech hei?
3. Kann d'Regierung kloer definéieren, wéi eng Aktivitéiten an Aarbechten am Beräich vum Benevolat als Fräizäitaktivitéit a wéi eng als d'«intérêt général» klasséiert sinn?
4. D'Juegd ass eng Aktivitéit, déi d'«intérêt général» ass an trotzdeem gouf d'Dreifjuegd vum Ëmweltministère als Fräizäitaktivitéit klasséiert. Wéi ass séchergestallt, datt änlech Inkoherenzen net och an anere Beräicher vun der gemengnëtzeger Benevolataarbecht optrieden?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten